



Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/04/2021

Här President,

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech
lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

Bei der Presentatioun vum Joresbilan vun 2020, huet d'Cargolux dës Woch Verännerungen
an hirem Verwaltungsrot präsentéiert. D'Madamm Christiane Wickler gëtt néi Präsidentin
vum Verwaltungsrot. Op Nofro vum RTL hin, huet Madamm Wickler erkläert, dass de
Mobilitéitsminister François Bausch si viru 5 Woche gefrot huet, op si dësse Poste wéilt
besetzen.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung den Nominierungsprozess vum Poste vum
Verwaltungsrotspräsident respektiv der Verwaltungsrotspräsidentin erklären?
War déi ganz Regierung mat dësem Choix d'Accord ?
2. An engem 100,7 Interview huet déi néi Verwaltungsrotspräsidentin erkläert: "Et gi vill
méi schlëmm Transportmëttel wéi de Flieger."
Ass d'Regierung der selwechter Meenung?
Wéi eng Transportmëttel sinn der Regierung no manner nohalteg wéi Fliegen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député



www.piraten.lu